n° 3897

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 13:32, 22/03/2021

Lëtzebuerg, den 22/03/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

D'Gesetz vum 10te Juli 2011, hält fest dass d'Deelhuelen un STATEC-Ëmfroen obligatoresch ass. Doniewent, huet de STATEC huet och d'Recht, am Kader vun Ëmfroen, Accès op perséinlech Informatiounen ze kréien, déi op stattlechen Datebanke gespäichert sinn. Am Artikel 15 vum uewe genannte Gesetz sinn dann och méiglech Strofe festgehalen, falls ee refuséiert un enger Ufro deel ze huelen.

Art. 15.:

> *"Le refus de fournir les renseignements demandés, le refus de les fournir dans le délai prescrit ainsi que le fait de fournir intentionnellement des renseignements inexacts ou incomplets est passible d'une amende de 251 euros à 2.500 euros. Le paiement de l'amende ne dispense pas de la fourniture de l'information demandée."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Mol goufe Strofen, wéi am Artikel 15 virgesinn, ausgeschwat?

2. An sengen Ëmfroen, kann de STATEC och Informatiounen iwwert aner Persounen aus dem Stot froen. Deemno, kréien si also Accès zu perséinlechen Daten, ouni onbedéngt den Accord vun de betraffe Persounen ze hunn.
   D'Gesetz vum 11 August 1982 *concernant la protection de la vie privée* schreift vir, dass d'Privatsphär vun de Bierger muss respektéiert ginn.

   Gesäit de Minister an dëser Prozedur ee Konflikt tëscht dem *Droit à la vie privée* an den Ëmfroe vum STATEC?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 22 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3897 du 22.03.2021 de Monsieur le Député Sven Clement - Enquêtes du STATEC

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 22 avril 2021

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**L-2450 LUXEMBOURG**

Réf. : QP3897-02/SW-rg

**Objet:** **Question parlementaire n°3897 du 22 mars 2021 de Monsieur le Député Sven Clement**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Pour le Ministre de l'Économie

Luc Decker
Conseiller

Dossier suivi par : Stéphanie Wagemans, tél : 247-88425 ; email : stephanie.wagemans@eco.etat.lu

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

126-000010-20040525-FR

**Äntwert vum Wirtschaftsminister, Franz Fayot, op d'parlamentaresch Fro n°3897 vum 22. März 2021 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

De STATEC erhiewt Daten, déi net nëmme vun der ugeschriwwener Persoun kommen, mee och vun deene Leit, déi an hirem Stot wunnen. Dat ass wichteg, fir dass d'ëffentlech Statistik och eppes iwwer de sozialen an ekonomësche Profil vun de Stéit kann aussoen. Et ass awer esou, dass de STATEC am Virfeld keng Méiglechkeet huet, fir genee ze wëssen, welch Persounen zum Zäitpunkt vun enger Ëmfro zesummen an engem Stot wunnen. Dofir gëtt déi ugeschriwwe Persoun gefrot, fir och déi aner Persounen am Stot ze bieden, op d'Froen ze äntweren. En Accord vun der ugeschriwwener Persoun, esouwuel wéi vun de Memberen vun hirem Stot, ass am Fall vu STATEC-Emfroën net néideg. Dës berouen nämlech meeschtens op enger gesetzlecher Verflichtung an ëmmer op enger Missioun am ëffentlechen Interessi.

D'Gesetz vum 10. Juli 2011 gesait a sengem Artikel 15 vir dass, wann ee senger Obigatioun op eng Emfro ze äntwerte refuséiert nozekommen, eng Strof kann ausgeschwat gin. Bis elo goufe vis-à-vis vu Privatleit keng vun deene Strofen ausgeschwat.

D'Gesetz vum 11. August 1982 seet a sengem éischten Artikel « Chacun a droit au respect de sa vie privée. », e Prinzip deen d'Réckgrat vun der aktueller Dateschutzlegislatioun ass. De STATEC leet vill Wäert op den Dateschutz an d'Erhiewen vu perséinlechen Daten fir ëffentlech statistesch Zwecker ass konform mat de Gesetzer iwwer den Dateschutz. Dat kuerzt Gesetz vum 11. August 1982 ass virun allem dorop aus, fir Écouten, Enregistrementer, Iwwerwaachungen a Verletzunge vun der Korrespondenz ze ënnerbannen an ze bestrofen. Dës Aktivitéiten hunn näischt mat der Aarbecht vun engem statisteschen Amt ze dinn.